Text vum Anouk Schreiner iwwer KAJUKO 2022

Kapitel 4, Weltcafé 2

13 Minutten am Zäitplang hannendran

eng gielzeg Schnouer

hänkt vum Plaffong

an en déckt Fragezeichen

iwwert de Käpp

an am Gesiicht

si sëtzen net op Still

mee um Buedem

a stelle sech Froen

am Schneidersëtz, op de Knéien

wat. an. aller. Welt.

ass Participatioun dann iwwerhaapt?

si hu Biller kritt

faarweger, schwaarz-wäisser,

gezeechenter, fotograféierter,

mat Zeenen, mat Momenter

wee participéiert?

wéi vill participéiert en?

si sollen sortéieren

a wéi sortéiert ee sou eppes?

,,Kita, wat heescht dat?''

,,Kindertagesstätte.''

ok, dat hëllef net wierklech

,,Sou eppes wéi eng Crèche,

eng maison relais.''

ok, dat hëlleft

,,Also dat ass ëmmer nëmmen

meng Interpretatioun.

Dat wéi ech denken,''

de Ben weist op e Bild aus engem Buch

,,mee fir mech ass dat do

keng Participatioun.

Op deem Bild sinn vill Leit drop,

mee iergendzwéi hunn ech d' Gefill

si schaffe laanschteneen.

Jidderee mécht säint.

Mee keen eppes mateneen.

An dat fannen ech Schued.''

d' Stéphanie hält dergéint

,,Also wéi s de sos,

ech kann och ëmmer nëmmen

fir mech selwer schwätzen.

Mee fir mech dat do d' Resultat

vu gudder Participatioun.

Et ka jiddereen dat maachen,

wat him am Beschte läit,

wat hee gutt kann.

Niefteneen, ëwer mateneen.''

d' Naomi kënnt bei den Dësch

,,Dir och, nach eng Minutt.''

,,Wéi, nach eng Minutt?!''

e bësselche iwwerfuerdert

a komplett am Stress

sortéieren si séier

wéi se 't richteg fannen

hänken d' Biller mat Wäscheklameren

un déi gielzeg Schnouer

a si sëtzen net méi um Buedem

mee strecken sech

fir bis ganz uewen drun ze kommen

Participatioun.

fänkt do un,

wou Kanner an Erwuessener opstinn,

sech u giele Fiedem hänken

matenee schwätzen an diskutéieren